LËSCHT
4

CSV
MUNNEREF, ALTWIS, ELLENG

MÉI NO. MÉI ZESUMMEN.

Eise Walprogramm
Notre programme électoral

DIR HUTT ET AN DER HAND!

LÉIF MATBIERGERINNEN A MATBIERGER

Wei soll d'Gemeng Munneref 2050 ausgesinn ass fir eis di zentral Fro.
Munneref huet immens vill Potenzial fir weider ze wuessen, mir hunn Dokteren aus allen Sparten, zwou Apdikten, eng Agence CNS, Optiker, Banken, eng Post, en CGDIS Corps grand-ducal d'incendie et de secours, leider keen Policekommissariat méi, dofir awer nach ganz vill Commercen: Bäcker, Metzler, Coiffer, Bekleedungsgeschäfter, Restaurants an Cafés souwéi Supermarchés. Mir hunn och vill Veräiner an eng gutt Sportsinfrastruktur, déi wäert weider massiv ausgebaut gi mam Vëlodrome, mam neien Sportkomplex Gréimelter mat Piscine an engem Lycée International Mondorf-les-bains. D'zone d'activités économiques Triangle Vert gëtt elo zäitno vergréissert an bréngt nei Betriber an domadder och nei Aarbechtsplazen an eis Gemeng.

Den neien PAG erlaabt eis weider massiven Wuesstem am Wunnengsbau , fir dass eis Kanner an Enkelkanner hei an eiser schéiner Gemeng wunnen bleiwen kënnen. Am PAG ass leider verpasst gi en Areal fir en Centre technique an en Centre de recyclage auszeweisen, mee dat kënnen mir zesummen jo nach änneren.

Een Punkt deen eis schwéier um Mo läit, ass dass et nom Remembrement vun 2009 deen eng Vëlospiste ausweist, och 2023 nach ëmmer keen Projet en vue ass fir en séchert Vëlosnetz an eiser Gemeng ze realiséieren, dat Altwis, Munneref an Elleng verbënnt.

An de leschten 15 Joer huet eis Gemeng sech em iwwert 1000 Awunner vergréissert, an dëst wäert och esou weider goen an deenen nächsten 15 Joer well Munneref eng Commune CDA ass, en Centre de développement et d'attraction, an ebenfalls eng Commune Pilote Pacte Logement 2.0 ass an domadder prioritär ass fir di weider Entwécklung vun Wunnraum. Mir mussen méi séier, méi einfach an méi bëlleg bauen. Den haut scho geplangten Wuesstem vun eiser Gemeng muss mat Kompetenz an Schwong guidéiert an kontrolléiert gi an dofir wäerten mir eis ganz gewëssenhaft fir d'Interesse vun der Allgemengheet asetzen.

VOUS L'AVEZ EN MAIN!

CHERS CONCITOYENS

A quoi devrait ressembler la commune de Mondorf en 2050 est pour nous la question centrale.

Mondorf a encore énormément de potentiel pour se développer, nous avons des médecins de toutes les branches, deux pharmacies, une agence CNS, des opticiens, des banques, une poste, un CGDIS corps grand-ducal d'incendie et de secours, malheureusement plus de commissariat de police, mais nous avons encore de nombreux commerces : boulangers, bouchers, coiffeurs, magasins de vêtements, restaurants et cafés ainsi que des supermarchés. Nous avons également de nombreux clubs et une bonne infrastructure sportive, qui continuera à s'agrandir massivement avec le Vélodrome, le nouveau complexe sportif Grémelter avec piscine et le Lycée International Mondorf-les-bains. La zone d'activités économiques du Triangle Vert est actuellement en expansion et amènera de nouvelles entreprises et donc également de nouveaux emplois dans notre commune.

Le nouveau PAG nous permet de poursuivre le développement de la construction de logements, afin que nos enfants et petits-enfants puissent continuer à vivre ici dans notre belle commune. Malheureusement une zone pour un centre technique et une déchetterie a malheureusement été oubliée dans l'aménagement du nouveau PAG, mais ensemble, nous pouvons changer cela dans le futur.
Un point négatif qui nous pèse lourdement, c'est qu'après le remembrement de 2009 qui désigne une piste cyclable, même en 2023 il n'y a toujours pas de projet en vue pour réaliser un réseau cyclable sécurisé sur notre commune, qui relie Altwis, Munneref et Elleng.

Les 15 dernières années, notre commune a acceuilli plus de 1000 nouveaux habitants, et cette croissance se poursuivra les 15 prochaines années, car Mondorf est une commune CDA, un centre de développement et d'attractivité, ainsi qu'une commune pilote Pacte Logement 2.0 et par cela prioritaire pour le développement de logements. Nous devons construire plus vite, plus simple et moins cher. La croissance de notre commune déjà planifiée aujourd'hui doit être guidée et contrôlée avec compétence et élan, et c'est pour cela que nous nous engageons de défendre les intérêts de notre communauté avec conscience et dévouement.

EIS PRIORITÉITEN

Nos Priorités

SCHAFFEN VUN ENGEM NEIEN SERVICE TECHNIKE

oder Gemengenatelier mat adequater Platz fir eisen Fuerpark an Aarbechtsmaschinnen.

Création d'un nouveau service technique ou d'un atelier communal avec suffisamment d'espace pour le parc de véhicules et les machines de travail.

EN MODERNE RECYCLINGSZENTER

den einfach zougänglechen ass an méi ewéi 13 Stonnen pro Mount ob huet an mer dann och manner Gemengepersonal ob der Platz selwer brauchen.

Un centre de recyclage moderne, facilement accessible, ouvert plus de 13 heures par mois et nécessitant également moins de personnel sur place.

EN MULTIFUNKTIOUNSSALL

zu Munneref (Festsall) wou een eng mobil Bün an mobil Tribünen huet fir dem Duerftheater oder engem klengen Konzern vun eiser Musek déi richteg Bün ze gi. Och soss Treffen kënnen do ofgehalen gi.

Une salle multifonctionnelle à Mondorf (salle de fête) avec une scène mobile et des sièges mobiles en forme d'escalier pour que le théâtre du village ou un concert ou d'autres réunions ou fêtes puissent avoir lieu.

LIVE-STREAMING VUN DEN ËFFENTLECHE GEMENGEROTSSËTZUNGE

Gemengerotssëtzunge fir esou dem Bierger ze erméiglechen och vun Iwwerall aus un onsereen Gemengerotssëtzungen deel ze huelen.

Diffusion en direct des réunions publiques du conseil municipal afin que les citoyens aient la possibilité d'assister aux réunions en ligne de n'importe où.

E KOMPLETTE MOBILITÉITSPLANG

mat Verkéiersberouegungsmoossnamen an alle Stroossen ausschaffen an esou dem Foussgänger a Vëlosfuerer méi Raum a Sécherheet ginn.

Développer un plan général de mobilité pour toute la commune, incluant des mesures efficaces de modération du trafic, afin de garantir plus d'espace et de sécurité aux cyclistes et piétons.

MÉI SCHIED OB EISEN EVENTPLATZEN AN STROOSSEN

sollen an mussen duerch méi Beem, flexibel Sonnesegel oder aner equivalent Moossnamen geholl gi fir méi Schied an domadder och d'Temperaturen niddreg ze halen. Mënsch an Deier kënnen sech och bei heigen Temperaturen esou dobaussen ophalen an den Summer genéissen an kommen och villäicht dréchen duerch déi eng oder aner Reeschauer.

Plus d'ombre sur nos sites d'événements et nos rues devrait et doit être fournie par plus d'arbres, des voiles d'ombrage réglables ou d'autres mesures équivalentes afin que nous y obtenions plus d'ombre et donc des températures plus basses. Les personnes et les animaux peuvent alors profiter de l'été à l'extérieur à l'ombre pendant les journées chaudes et éventuellement rester au sec pendant une averse.

DEN TERRAIN-MULTISPORT IWWERDECKEN AN MAM NÉIDEGEN SCHALLSCHUTZ AUSRËSCHTEN

an versichen eng Platz ze fannen fir en zweeten Multisport oder Terrain oder aner aktuell Sportaarten ze erriichten. Dëst villäicht um Site vum Vëlodrom. Net nëmmen Munneref huet Jugend mee och Altwis an Elleng sollen des Méiglechkeet kënnen kréien.

Couvrir le terrain multisport et, si possible, prévoir l'insonorisation nécessaire. Essayer de trouver un autre endroit où on pourra construire un deuxième multisport ou un autre lieu pour les sports actuels peut-être sur le site du Vélodrome. Ce n'est pas seulement à Mondorf que les jeunes devraient avoir cette opportunité, mais également à Altwies ou à Ellange.

POLICE

En Kadaster opstellen fir Geforepunkte festzehalen an zesummen mat der Police an eisen „Agents municipaux“ (Pecherten) un Léisungen ze schaffen fir des ze entschäerfen.

Dresser un cadastre pour déterminer les endroits dangereux et travaillez avec la police et nos agents municipaux sur des solutions pour les désamorcer.aux cyclistes et piétons.

PROJETEN WEIDERDREIWEN

Projeten déi mer an den lafenden Joren matgestëmmt hunn weiderdreiwen.

Faire avancer les projets pour lesquels nous avons voté au cours des dernières années.

ËMWELT

Ecologie

MÉI FINANZIELL ËNNERSTËTZUNG FIR D'INSTALLATIOUN VUN ERNEIERBAREN ENERGIEN.

Duerch déi rezent Energiekrise sinn mir eis ëmsou méi bewosst gi, wei wichteg et ass a punkto Energie méi onofhängeg ze gi.

Lëtzebuerg well bis 2030 d'Ziel erreechen dass 25% vun eiser Energie aus erneierbaren Energien kennt.

Den Lëtzebuerger Staat bedeelegt sech duerch d' „Aide Klimabonus" aktuell mat :

- 62,5 % un den Käschten vun enger **Photovoltaikanlage** wann een sech fir d'Optioun entscheet fir déi Energie déi een produzéiert selwer ze consomméieren an den Iwwerschoss zu engem variaablen Tarif ze verkafen.
- 20 % un den Käschten vun enger Photovoltaikanlage wann een sech fir d'Optioun entscheet fir d' Energie déi een produzéiert komplett zu engem garantéierten Tarif ze verkafen.

D'Gemeng Mondorf rembourséiert aktuell duerch säin Programm Ecomondo zousätzlech 10% mat engem Plaffong vun 1000€ bei enger Photovoltaikanlage-Anlage.

D'CSV-Fraktioun ass der Meenung fir des **Ecomondo-Primen nach zousätzlech ze erhéijen** an soumat d'Energie-Transitioun zousätzlech ze fuerderen.

Ausserdeem setzen mir als CSV-Fraktioun fir d'Installatioun vun zousätzlechen **Bornen (Chargy) fir d'Elektroautoen** op den Parkingen vun der Gemeng an fir der wuessender Demande vun Elektroautoen gerecht ze gi.

Hei wier d'Idee fir eventuell Carporten z'installeieren wou een d'Elektroautoen oder Vëloen lueden kéint an des zousätzlech mat Sonnepanneau'en equipéiert sinn.

Eng weider Revendicatioun déi mir hunn, ass fir Velosboxen wou een säin Vëlo temporär aspären kann op verschiddenen Platzen an der Gemeng opzeriichten

- **D'Kreeslafwirtschaft förderen**
- **Energeetesch Renovatioun** vu Gemengegebaier weiderdreiwen an och hei en 12 Joers Plang opstellen.
- D'Vermeide vu **Liichtverschmotzung** esouwäit eweí méiglech reduzéieren,an op Foussgänger- respektiv Vëlosweeër mat flexibelerLichtstärkt an Liichtfaarf déi d'**Insekten** net unzitt schaffen.



PLUS DE SOUTIEN FINANCIER POUR L'INSTALLATION D'ÉNERGIE RENOUVELABLE.

La récente crise énergétique nous a rendu d'autant plus conscients de l'importance de devenir plus indépendants en matière d'énergie.

D'ici 2030, le Luxembourg veut atteindre l'objectif que 25% de notre énergie provienne de sources renouvelables.

L'Etat luxembourgeois participe actuellement à travers "Aide Klimabonus" avec :

- 62,5% du coût d'une installation **photovoltaïque** si vous décidez d'utiliser vous-même l'électricité produite et de revendre le surplus à un tarif variable.
- 20 % du coût d'une installation photovoltaïque si vous choisissez l'option de vendre toute l'électricité que vous produisez à un tarif garanti.

La commune de Mondorf rembourse actuellement via son programme Ecomondo 10% supplémentaires avec un montant maximum de 1000€ pour une installation photovoltaïque.



La fraction CSV est d'avis que les **primes Ecomondo devraient** être augmentées afin de favoriser davantage la transition énergétique.

La fraction CSV Fraction s'engage à installer davantage de **bornes de recharge pour voitures électriques** sur les parkings de la municipalité afin de répondre à une demande croissante.

Nous aimerions installer des abris de voiture (carports) équipés de toits à énergie solaire où les voitures électriques ou les vélos électriques peuvent se recharger à l'ombre.

Une autre de nos revendications est d'installer des boxs à vélos à divers endroits de notre commune afin de garer et verrouiller votre vélo.

- Promouvoir **l'économie circulaire**.
- Poursuivre la **rénovation énergétique** de nos bâments communaux et mettre en place un plan sur 12 ans.
- Réduire au maximum la **pollution lumineuse** et travailler sur les voies piétonnes et cyclables avec une intensité lumineuse ainsi qu'une couleur de lumière variables qui n'attirent pas les **insectes**.

VERKÉIER AN MOBILITÉIT

Circulation et mobilité

- **D'Vëlos- an d'Foussweeër** solle bei den Wunnquartier **ausgebaut** a verbessert **ginn**.
- **Verkéiersberouegend** Moossnamen an den Uertschaften.
- **Vëlosständer** an der ganzer Gemeng.
- Verschidden Stroossen kënnen an **Spillstroossen** ëmgewandelt ginn.
- **Schallschutzmoossnamen** mussen Standard ginn.
- De **Carsharing** weider promouvéieren.
- De **Pedibus ausbauen**, do wou et machbar ass.
- En Konzept fir den **Parking residentiell** ausschaffen.
- Machbarkeet vun engem **Shared space oder** enger **Foussgängerzone** sollen gepréift ginn.
- **Digital Panneauen** op allen Busarrêten.
- En **Bus-Sharing** ob Been stellen fir eis Veräiner fir dass des kënnen ob Veranstaltungen fueren an esou net hiren eegenen Bus mussen hunn.
- **Vëlosboxen** op verschiddenen Platzen an der Gemeng wou een säin Vëlo temporär aspären kann.

- **Les pistes cyclables et piétonnes** doivent être **agrandies et améliorées** dans les quartiers résidentiels.
- **Mesures d'apaisement de la circulation** dans les localités.
- **Des supports à vélo** dans toute la commune.
- Diverses rues peuvent être converties en **rues de jeu**.
- Les mesures de **protection contre le bruit** devraient devenir la norme.
- Promouvoir davantage le **Carsharing**.
- **Développer le pédibus** dans la mesure du possible.
- Développer un concept de **zones** de stationnement **résidentiel avec vignette**.
- Vérifier la faisabilité d'un **Shared space ou** d'une **zone piétonne**.
- **Extension des affichages numériques** sur tous les arrêts de bus.
- Mettre en place un **partage de bus** pour les clubs afin que les membres ou les spectateurs puissent se rendre aux événements et n'aient pas besoin de leur propre bus.
- Des **boxs à vélos** à divers endroits de notre commune où vous pouvez temporairement garer et verrouiller votre vélo.

SÉCHERHEET

Sécurité

- Aktive an enk **Zesummenaarbecht** mat den Nopeschgemengen an der **Police**.
- Weider asetzen fir erëm en **Policebüro** an ons Gemeng ze kréien.
- Méi Verkéierssécherheet duerch **Zone 30** z.B. an der avenue des bains.
- En **Kadaster** opstellen fir **Geforepunkte** festzehalen an zesummen mat der Police an eisen „Agents municipaux“ (Pecherten) un Léisungen ze schaffen fir des ze entschäerfen.
- E komplette **Mobilitéitsplang** mat Verkéiersberouegungsmoossnamen an alle Stroossen ausschaffen an esou dem Foussgänger a Vëlosfuerer méi Raum a Sécherheet ginn.
- **Sécher Trëppel-** a **Schoulweeër**, a sécher **Vëlospisten**
- Iwwerpréiwen ob Kamera Iwwerwaachung kann hëllefen d’Sécherheet ze verbesseren an den Vandalismus ze ënnerbannen.

- **Coopération active et étroite avec les communes voisines et la police.**
- Continuer à travailler afin d’obtenir à nouveau un **bureau de police** dans notre commune.
- Plus de sécurité routière grâce à des **zones 30**, par exemple dans l’avenue des bains.
- Dresser un **cadastre pour déterminer les endroits dangereux** et travaillez avec la police et nos agents municipaux sur des solutions pour désamorcer ces endroits.
- Développer un **plan général de mobilité** pour toute la commune, incluant des mesures efficaces de modération du trafic, afin de garantir plus d’espace et de sécurité aux cyclistes et piétons.
- Création de **chemins piétonniers**, de **chemins scolaires** et de **pistes cyclables**
- Vérifier si la vidéosurveillance peut améliorer la sécurité et prévenir le vandalisme sécurisées.

DIGITALISATIOUN AN VERWALTUNG

Numérisation et administration

- **Perséinlech Ulafstell** an der Gemeng mam néidegen Service **fir déi néideg online Demarchen** ob der Platz ze maachen. Den gewinnten perséinlechen Service soll awer bestoen bleiwen.
- **Live-Streaming** vun den ëffentleche **Gemengerotssëtzunge** fir esou dem Bierger ze erméiglechen och vun Iwwerall aus un onsereen Gemengerotssëtzungen deel ze huelen
- Erstellen vun enger **Biegerapp**.
- En **Informatiker Posten** kreéieren.
- Mir brauchen eng **Digitaliséierungsstrategie** fir den Bierger an den online Demarchen fir hien iwwert säin eegenen Verbrauch vun Waasser, Offall etc. kënnen ze informéieren an esou eng vereinfacht Iwwersiicht iwwert seng perséinlech Informatiounen ze hunn.
- Eng **Digital Zäitkapsel** (an der ëffentlecher Bibliothéik) wou all Bierger seng Liewensgeschicht kann dran schreiwen an mir ons esou spéider un Sie kënnen erënneren.
- Méiglechkeet fir den Bierger **Kontakt mat den eenzelen Gemengeréit** opzehuelen. z.B. perséinlech e-mail.
- **Ëffentlechen Wlan** ariichten den een kann käschtefräi benotzen.

- **Point de contact personnel** à la commune avec le service nécessaire **pour les démarches en ligne**. Cependant, le service personnalisé sur place et le soutien doivent rester en place.
- **Diffusion en direct** des réunions publiques du **conseil municipal** afin que les citoyens aient la possibilité d'assister aux réunions en ligne de n'importe où.
- Créer une **application citoyenne**.
- Créer un **poste d'informaticien**.
- Nous avons besoin d'une **stratégie de numérisation** pour informer les citoyens dans leurs démarches en ligne et sur leur propre consommation d'eau, de déchets, etc. et pour accéder ainsi à un aperçu simplifié de leurs informations personnelles.
- Une **capsule temporelle numérique** (dans la bibliothèque publique) où chaque citoyen peut raconter l'histoire de sa vie et où nous pouvons garder un souvenir éternel d'eux.
- Une occasion pour le citoyen d'entrer en **contact avec le membre du conseil municipal**. p. ex. e-mail personnel.
- Mettre en place un **Wi-Fi public** qui peut être utilisé gratuitement

GESELLSCHAFTLECH

Société

- **Eeler Matbierger motivéiere** weider um ëffentleche Liewen deelzehuelen a sech an der Gesellschaft ze engagéieren
- Schafung vun **abordabelem Wunnraum**
- Ons **Jugend an Jugendhaus** weiderhin ënnerstëtzen
- Eis **Museksschoul** weiderhin ënnerstëtzen
- Eis **Veräiner an Benevolat** weiderhin mat alle Mëttel ënnerstëtzen
- Geschichtsfrënn an Interessenten an der Zesummenaarbecht mat der Gemeng an hiren Archiven an der Maison Koppes zu Altwis **Theemenowenter** organiséieren.
- **Transparent Politik** maachen
- **Schrebergärt** fir privat Notzung uleeën
- En **Abenteuerspielplatz mat Waasserspiller** fir déi kleng Kanner
- Sollten **Taxe** musse gehéicht gi soll dëst a raisonnabelen Etappe geschéien
- Eist regionaalt **Tourismuskonzept** weider ausbauen
- Den **Transport** ze **garantéiere** fir d'Kanner an hir Veräinsaktivitéiten ze féieren.
- Ëffentlech **Waasserspender** an der Gemeng opriichten
- Déi kommend **Maison Medicale** an hier Ëffnungszäiten ënnerstëtzen

---

- **Motiver nos concitoyens plus âgés** à continuer à participer à la vie publique et à s'impliquer dans la société
- Créer davantage de **logements à coût modéré**
- Continuer à soutenir nos **jeunes et notre maison des jeunes**
- Continuer à soutenir notre **école de musique**
- Continuer à soutenir nos **associations et le bénévolat** par tous les moyens
- Organiser des **soirées à thème** historique en collaboration avec la commune et ses archives municipales dans la Maison Koppes à Altwies
- Faire une **politique transparente**
- Créer une **cité jardinière** avec des jardins familiaux à usage privatif
- Une **aire de jeux d'aventures avec des jeux d'eau** pour les tout-petits
- S'il y aura lieu de relever les **taxes** communales, cela devra se faire en étapes raisonnables
- Continuer à développer notre concept de **tourisme régional**
- Garantir le **transport** aux activités des clubs pour nos enfants et jeunes
- Installer des **distributeurs d'eau** publics dans notre commune
- Soutenir notre future **maison médicale** dans leurs heures d'ouverture.

MÉI NO.
MÉI ZESUMMEN.

Eis Kandidate fir d'Gemengewalen 2023

Jean-Luc Kuhlmann
50 Joer, Altwis

Paul BICHLER
30 Joer, Elleng

José F. CORREIA
57 Joer, Munneref

Elisabeth ENGELS
(DIT LILY)
62 Joer, Altwis

Josée Henriette
FEYEREISEN
55 Joer, Munneref

Gilles GENGLER
41 Joer, Munneref

Diana IGNA
37 Joer, Munneref

LËSCHT
4

Fränk REUTER
53 Joer, Munneref

Véronique THOMMES
35 Joer, Munneref

Tun COELHO
52 Joer, Elleng

Sandra
DE CAMPOS VALENTE
42 Joer, Munneref

WEB

FACEBOOK

munneref.csv.lu
CSV Mondorf-Duelem

English Version
Versão Portuguesa

WIE WIELEN ECH RICHTEG?

Comment voter correctement?

CSV

CHRËSCHTLECH-SOZIAL VOLLEKSPARTEI

JEAN-LUC KUHLMANN		
PAUL BICHLER		
TUN COELHO		
JOSE F. CORREIA		
SANDRA DE CAMPOS VALENTE		
ELISABETH ENGELS		
JOSEE HENRIETTE FEYEREISEN		
GILLES GENGLER		
DIANA IGNA		
FRANK REUTER		
VERONIQUE THOMMES		

WAHLVERSAMMLUNG MUNNEREF

05.06 um 19:30

Am Bierger- a Kulturhaus

WAHLVERSAMMLUNG ALTWIS

06.06 um 19:30

An der Museksschoul

WAHLVERSAMMLUNG ELLENG

08.06 um 19:30

Am Centre Culturel Martialis

LËSCHT
4

CSV MONDORF

WEB

FACEBOOK

munneref.csv.lu

CSV Mondorf-Duelem

English Version

Versão Portuguesa